

PROPOSITION DE LOI
relative à la transsexualité et modifiant le Code civil.

Et gëllt dat gesprachent Wuert

Sylvie-Andrich Duval:

Merci

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Mat eiser Proposition de loi soll e gesetzlechen Kader gesat ginn fir Trans'Persoun, wann se hiren Etat civil, spréich hiert Geschlecht an, unhängeg dodrun, hiren Virnumm wëllen änneren.

De Code civil gesäit generell vir, dass bei Ännerungsdemanden vum Etat civil egal wéi enger Natur, een eng Demande beim zoustännegen Bezierksgeriicht muss areechen. D'Leit müssen sech en Affekot huelen, de Parquet muss gehéiert ginn an de Riichter rífft eng net öffentlech Sitzung an, wou och de Betraffenen derbäi ass, an hëlt eng Decisioun.

Am **Code civil** sinn awer **keng Konditiounen** oder **Critèren** virgesinn, deenen de Riichter muss Rechnung droen a esou e Fäll. Dat Gantz baséiert bis elo eenzeg an eleng op **Jurisprudenz**.

Aus dësen geriichtlechen Uerteeler ergëtt sech, dass TransPersounen, déi hiert Geschlecht an hiren Virnumm wëllen änneren, fir de Moment eng ganz penibel a laang Prozedur duerchlafen.

Si müssen **beweisen**, dass se net méi eens ginn mat deem zougewisene Geschlecht, a si müssen hier kierperlech **Ëmwandlung dokumentéieren**.

Dat heescht:

Eng Diagnos vun enger psychescher Krankheet, enger „Dysphorie du genre“, meeschtens duerch e Psychiater, hormonell a medezinesch Traitementer, chirurgesch Interventiounen un de Geschlechtsorganer, Sterilisatioun a während enger Period déi Liewenserfarung an deem Genre gemaach ze hunn, fir deen se sech entscheed hunn. Oft mussen se eng Psychotherapie maachen.

Deen Drock ass immens.

D’Françoise Hetto an ech proposéieren dofir folgendes:

- Et soll bei der **juristescher** Prozedur um Geriicht bleiwen, wéi elo grad beschriwwen.
- Mee et soll en Artikel am Code civil bäikommen, en neien Artikel 99-1, dee seet:
 1. Di betraffe Persoun brauch keng Preuve ze bréngen vun enger Sterilisatioun, enger Hormontherapie oder engem psychiatreschen, psychologeschen respektiv medezineschen Traitement.
 2. Muss di Persoun, niewt hirem Acte de naissance, en Attest virleeën, dass se en Dokter consultéiert huet, deen se virdrun iwwert d’Konsequenzen vun der Ännerung vum Etat civil informéiert huet.
 3. Den Dokter gëtt säin Avis of iwwert di gefroten Ännerung, ouni dass dëst awer eng Behandlung oder eng Autorisatioun wier.
 4. Den Demandeur muss schrëftlech confirméieren, dass en gewëllt ass säin Geschlecht an säin Virnumm z’änneren an dëser Ännerung och schrëftlech zoustëmmen nodeems en vum Dokter di néideg Informatiounen krut

E Mannerjärege ka keng esou Demande areeche OUNI den Accord vun den Elteren oder vum Représentant légal.

D’Françoise Hetto an ech gesinn dëst als

- 1. Schrëtt géint eng bestehend Diskriminatioun an en Tabu

- 1. Schrëtt a Richtung Selbstbestëmmung
- 1. Schrëtt fir dee Problem net méi als Krankheet unzegesinn
- 1. Schrëtt fir als Lëtzebuerg aus der europäescher Schosslinn eraus ze kommen als e Land dat di forcéiert Sterilisatioun nach freet.

Ëmmer méi auslännesch Jurisprudenzen spriechen sech effektiv dergéint aus. Verschidden europäesch Länner hunn och schonn drop reagéiert.

Eis Propose ass pragmatesch a ka schnell ëmgésat ginn, am Sënn vun de Betraffenen.

Merci un all déi, déi eis bis elo an eiser Démarche ënnerstëtzt hunn an eis an Zukunft wäerten énnerstetzen.